



Äntwert vum Här Xavier Bettel, Kommunikatiouns – a Medieminister op d'parlamentaresch Fro n° 5957 vum 18. März 2022 vum Här Deputéierten Sven Clement

- 1. An engem Communiqué vum Staatsministère vum Dezember 2020 gëtt eng Feuille de route erwänt, déi opgrond vun den Tester vun 2020 sollt opgestallt ginn, fir den Déploiement fir d'Joer 2021 ze reegelen. Kann de Minister erläuteren, wéi d'Pläng fir 2022 an deem Kontext ausgesinn?**

D'Feuille de route zum Déploiement vum DAB+ gëtt den Ament finaliséiert. D'Publikatioun vun dëser Feuille de route ass fir Mee 2022 geplangt.

- 2. An der Äntwert op d'Fro 4575 huet den Minister erkläert, dass nach eng Réi oppe Froe géingen bléiwen, wat d'Balance tëscht de verschiddenen établierten an potentiell neien Radiosender géing ugoen.**

Sinn dës Froen an tëschenzäit gekläert ginn?

Wa jo, wéi denkt den SMC dass dës Balance soll ausgesinn? Op Basis vun ewéi enge Krittären wäerten d'Plazen verdeelt ginn ginn?

D'Mediegesetz gesäit vir, dass déi bestoend Radioprogrammer - méi genee d'"radios à émetteurs de haute puissance" an d'"radios à réseau d'émission" - Prioritéit op d'Diffusioun via Multiplex hunn. Ob dës Programmer iwwer DAB+ diffuséiert wäerte ginn bleift am Endeffekt awer hir Entscheidung. Doriwwer eraus wäert et sécherlech nach Plaz fir nei Programmer ginn, ënnert der Conditioun, dass si déi entspreichend Permissioun erhalen. Fir d'Lokalradioe wäert zäitgläich eng zousätzlech separat Léisung proposéiert ginn.

Betreffend de Critèren, ginn den Ament schonn déi allgemeng Objektivier aus dem éischten Artikel vum Mediegesetz, besonnesch d'Stärke vum Mediepluralismus, a betruucht gezunn fir d'Attributioun vu den FM Frequenzen. Dës Logik soll och mat dem néien Diffusiounsstandard bäibehale ginn. D'ALIA wäert och an d'Prozedur mat agebonne ginn.

- 3. An der Äntwert op déi selwescht Fro erkläert den Minister, dass d'Konditiounen fir den Accès zum DAB+ zum Deel duerch d'Käschte wäert bestëmmt ginn. Och soll d'ALIA mat un dësem Dossier schaffen, fir ze bewäerten, ob een "Système de soutien" fir déi lokal Radioen soll agefouert ginn.**

Ginn et hei schonn Fortschrëtter wat d'Evalutatioun vun esou engem "Système de soutien" ugeet?

A wéi fern wäerten d'Käschten vum DAB+ d'Radiosender bestëmmen, déi heivun profitéieren kënnen?

Den Ament gëtt eng gesetzlech Basis finaliséiert, déi de Lokalradioe soll erméiglechen, och kenne via DAB+ diffuséiert ze ginn. Gläichzäiteg gëtt ënnersicht, a wéi enger Form déi zousätzlech Diffusiounskäschte vun de

Lokalradioen - déi laut Gesetz ëmmer d'Form vun enger a.s.b.l. hunn a nëmme limitéiert eege Recette kenne maachen – duerch eng ëffentlech Finanzéierung kennen iwwerholl ginn.

D'ALIA huet am Oktober 2021 en Avis publizéiert (Avis n° 07/2021 du 4 octobre 2021 du Conseil d'administration de l'Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel relative au déploiement du DAB+ au Luxembourg), an dem si de Prinzip ënnersträicht, dass den DAB+ fir jiddereen soll zougänglech gemaach ginn, an an dem si virschléit, dass de Staat des Käschten soll iwwerhuelen.

Méi Detailer iwver de Finanzement vun den Diffusiounskäschten wäerten an der Feuille de route ze liesen sinn.

Lëtzebuerg, den 12. Abrëll 2022

De Kommunikatiouns - a Medieminister

(s.) Xavier Bettel